Wee2050
nee2015

Mir sinn déi politesch Mëtt

Pressecommuniqué 26.4.2017

Manner Liewensqualitéit duerch de staarken, onkontrolléierte Wuesstem.
Mir vermëssen an der Ried eng konkret Zukunftsvisioun fir eist Land!

Lëtzebuerg wiisst pro Joer ëm däitlech méi wéi 10.000 Awunner.
Den extrem séiere Wuesstem bréngt ganz vill Problemer mat sech an huet negativ Konsequenzen op eis Liewensqualitéit (Wunnengsnout, Stau, Zesummeliewen, Integratioun, Ëmweltproblemer, Infrastrukturmangel a Verbauung).

Do hëlleft och den Titel vun der Ried "Liewensqualitéit fir Lëtzebuerg" näischt an déi Liewensqualitéit kann een och net mat „ofgedroschenen Phrasen“ schéirieden.

D’Froen, déi sech fir d’Zukunft vun eisem Land stellen, déi d’Regierung awer ignoréiert, sinn:
Wéi vill weider Awunner packt Lëtzebuerg pro Joer?
Wéi vill weider Frontaliere packt Lëtzebuerg pro Joer?

An do si mir ganz däitlech: Lëtzebuerg kann net, wéi lescht Joer, an de nächste Joren, pro Joer, 13.000 nei Arbechtsplaze schaafen, 14.000 zousätzlech Awunner a 5.000 zousätzlech Frontaliere bäikréien.

Dat hätt ganz nefast Konsequenzen op eis Liewensqualitéit. Déi aktuell Politik, déi just vum ekonomeschen a materielle Wuesstem obsedéiert ass, féiert leider mëttelfristeg zu nach méi Verkéier a Wunnengsnout. Mir si fir e luesen a gesonde Wuesstem deen och net op Käschte vun eiser Identitéit geet, zu där eise kulturellen, architektoneschen Patrimoine souwuel gehéiert, wéi och eis Lëtzebuerger Sprooch an déi traditionnell Méisproochegkeet mat de Sproochen, Däitsch, Franséisch an Englesch, déi mir an eiser Schoul léieren.

Wat dem Här Bettel seng Ausso “mir stäerken d’Méisproochegkeet a wäerte gläichzäiteg d’Lëtzebuergesch am Alldag op.”, betrëfft, si mer gespaant, ob dat dann och sou ass. Mir schloe fir, bei der eesproocheger Internetsäit vun der Regierung “gouvernement.lu” unzefänken: Allez, mat e bësse gudde Wëllen fir eis Méisproochegkeet misst op mannst eng däitsch Versioun an eng Begréissung op Lëtzebuergesch dra sinn. Wien dat a Fro stellt, stellt de Fortschrëtt a Fro an déi positiv Entwécklung vum Land.

d’Initiativ *Wee2050 - nee2015*
Mail: kontakt@nee2015.lu